STENGEFORTER DECKELSMOUKEN

CAPER PIWITSCHEN

Stengefort, 20.2.2017

Salut léiwe Scout vun den Deckelsmouken, Piwitschen a Kiewerlecken,

Wéi's du bestëmmt scho weess, fënnt vum 19. bis den 22. Abrëll eisen Ouschtercamp am Fënsterdall statt. Op dëse Camp ginn zwou Truppe mat : D'Piwitsche vun der Cap an d'Deckelsmouke vu Stengefort.
Op dësem Camp wäerte mir zelten, Kichen aus Konstruktiounsholz bauen, um Feier kachen, vill nei Scoute kenneléieren a villes méi!
Fir dass et e super Camp gëtt, mussen natierlech sou vill wéi méiglech Scouten dobäi sinn. Also mell dech séier un, fir dass dat fir eis alleguer en onvergiessleche Camp gëtt.

Départ : **Mëttwoch, den 19. Abrëll um 10:00 Auer**.
Déi genee Plaz kriss du no der Umeldung matgedeelt!

Retour : **Samschdeg, den 22. Abrëll um 17:00 Auer zu Miersch op der Gare.**

Präis : **60 €** bis spéidsdens de 15. Mäerz op de folgende Konto iwwerweisen:

Caper Piwitschen
LU22 0030 2297 0644 0000 (BGL BNP Paribas)
Mentioun: "Ouschtercamp DS *Numm* + *Virnumm*"

Umeldung : Bis de 15. Mäerz per SMS oder Email **an** per Iwwerweisung. D'Souche muss ënnerschriwwe mat an eng Versammlung oder op den Départ bruecht ginn!

Wichteg : **Mir schlofen an Zelter a sinn de ganzen Dag dobaussen, also bréngt dem Wieder ugepasste Kleeder an en uerdentleche Schlofsak mat!**

STENGEFORTER DECKELSMOUKEN

CAPER PIWITSCHEN

Weider Informatiounen : **Chef de Camp :** Yann Wunsch

Fënsterdall : D'Campplatz vun der LGS bei Obenthalt (Miersch).

Fiche Médicale : Nieft der Invitatioun fannt dir nach eng Fiche médicale am Courrier. Fëllt déi w.e.g. komplett aus a bréngt se an eng Versammlung mat.

Eng Kopie vun der **Carte d'Identité**, der **Impfkaart** an der **Sécurité Sociale-Kaart musse** bei der Fiche médicale dobäi sinn!

Elektronesch Geräter loosse mir doheem. Am Fënsterdall hu mir kee Stroum!

Rucksack : De Rucksack muss esou gepak ginn, datt e gedroe ka ginn. Zousätzlech Schlofsäck oder Decke kënnt dir um Départ engem Chef matginn.

Froen ? **Piwitschen :** Luc : 661 129 615 an dives6700@gmail.com
Deckelsmouken : Yann : 691 520 833 an yann.wunsch@gmail.com

Mir freeën eis op e flotten Intertroupe!

✂----------

Ech _____ erlaben mengem/mengen

Kand/Kanner _____ aus dem Grupp PI – DS mat op den Ouschtercamp

am Fënsterdall vum 19. bis den 22. Abrëll 2017 ze goen.

Datum : Ënnerschrëft :